

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

„An engem Artikel deen de Weekend an enger Lëtzebuerger Dageszeitung publizéiert gouf, gëtt déi aktuell Politik betreffend de Wollef hei zu Lëtzebuerg vun engem Schéifer kritiséiert. Mam „Aktiouns- a Managementplan fir den Ëmgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg“ deen 2017 ausgeschafft gouf, géif ee sech um Terrain als Schéifer eleng gelooss fillen. Weider heescht et, dass „d'Wanderschäferei“ an hirer jëtzegeger Form a Gefor wier wann de Wollef sech zu Lëtzebuerg géif niddersloossen.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- *Deelt Madamm Ministesch d'Aschätzung dass Efforten an dëser Thematik musse gemaach ginn?*
- *Wa jo, wat ass Madamm Ministesch gewëllt ze maache fir d'Präventioun géint de Wollef ze verbesseren?*
- *Ass ugeduecht den aktuellen „Aktiouns- a Managementplan fir den Ëmgang mat Wëllef zu Lëtzebuerg“ eventuell ze iwwerschaffen?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



Gusty GRAAS
Deputéierten